Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, de 14te Januar2019.

sne - infomail

Flächendeckend gratis Ganzdagsschoul : Den SNE/CGFP seet NEEN !!!

Den 12te Januar 2019 huet den LSAP-Fraktiounschef Alex Bodry sech an der Emissioun „Background am Gespréich“ op RTL-Radio ënnert anerem iwwert d’gratis Kannerbetreiung geäussert :

D’Ganzdagsschoul géif weiderhin als Ziel ugesi ginn an d’gratis Ganzdagsschoul wier an deem Kontext e Punkt, deen an dëser Koalitioun géif ëmgesat ginn.

Den SNE/CGFP ass frou, elo endlech erausfonnt ze hunn, dass d‘LSAP an der Persoun vum Alex Bodry e bildungspolitesche Spriecher fonnt huet, besonnesch och well d’LSAP, den Aussoe vum Här Bodry no, hier Kompetenzen onbedéngt an engem Deel vu Kärberäicher schäerfe misst, wou och d’Educatioun als klassescht sozialistescht Thema derzou gehéiere géif. De Wierder vum LSAP-Fraktiounspresident no ass d‘Educatioun an de leschte Joren an der Partei net méi genuch an de Virdergrond gestallt ginn an d’LSAP hätt och an de leschte Jore keng eege Konzepter an der Educatioun méi entwéckelt.

Den SNE/CGFP weist sech allerdéngs erstaunt iwwert d'Äusserunge vum LSAP-Fraktiounspresident iwwert eng gratis Ganzdagsschoul, well een déi an dëser Form net am Koalitiounsaccord erëm fënnt. Et stellt sech d'Fro, a wéi wäit sech d'Koalitiounspartner an dësem Punkt eens sinn. Handelt et sech bei den Aussoe vum Här Bodry ëm e Virstouss vun der LSAP oder ass dëst wierklech d'Meenung vun der Dräierkoalitioun?

Den SNE/CGFP schwätzt sech op alle Fall géint eng flächendeckend Aféierung vun der gratis Ganzdagsschoul aus.

Wa Modeller vu Ganzdagsschoulen op eenzelne Plazen agefouert sollte ginn, **da muss op jidder Fall derniewent d'Alternativ vun der Schoul mat engem „normalen" Horaire fir d'Schüler bestoe bleiwen**. D'Eltere mussen onbedéngt de Choix behalen, hier Kanner ausserhalb vun der Struktur vun enger Ganzdagsschoul ze erzéien. D'Aféierung vun enger Ganzdagsschouloffer muss fir d'Schüler fräiwëlleg bleiwen an d'Selbstgestaltungsméiglechkeete vun der Fräizäit vun de Kanner mussen zu engem héchstméigleche Grad erhale bleiwen.

Den SNE/CGFP strieft sech net géint eng punktuell Aféierung vu Modeller vu Ganzdagsschoulen (esou wéi se zum Beispill zu Esch/Uelzecht an an der Stad Lëtzebuerg bestinn).

D'Schafe vu Ganzdagsschoule muss awer am Averständnis mam Léierpersonal, dat an deene Strukture schaffe soll, geschéien. D'Aféiere vu Modeller vu Ganzdagsschoulen duerf keng Auswierkungen op d'Tâche vum Enseignant hunn.

Den SNE/CGFP wiert sech mat aller Vehemenz dergéint, dass d'Enseignanten do als « dindons de la farce » d'Fraise vun esou enger Initiativ vun der Dräierkoalitioun géifen droen.

À bon entendeur, salut !

De Comité central vum SNE/CGFP

click and listen :

> www.sne.lu/mp3/Ganzdagsschoul_14012019.mp3

Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu